N°2573
Entrée le 21.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, a vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°2573 vum 4. Juli 2025 vun der éierbarer Deputéiert Alexandra Schoos**

**1) Wéi steet d'Regierung zu den Aussoen am zitéierten Artikel?**

**2) Deelt d'Regierung d'Aschätzung, datt déi Gebaier no relativ übleche Renovatiounsaarbechte kéinten als Wunnraum genotzt ginn? Falls jo, wéi presentéiert sech den Zäitplang vun der Ëmsetzung? Falls net, aus wéi engen Ursaachen a wéi eng alternativ Notzung gesäit d'Regierung dann aktuell vir?**

Et gëtt aktuell ënnert dem Lead vum Wunnengsbauministère un engem Projet geschafft fir um Parcellaire op deenen déi besote Gebaier sti méi Wunnenge kënnen ze bauen. Aner Gebaier um Site ginn aktuell nach vu staatleche Servicer genotzt.

**3) An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 743 huet d'Regierung am Bezuch op d'Iwwerféierung vun eidel stoende Staatsgebaier an de Logementsmarché ënner anerem dat hei geschriwwen: *"Um Findel stinn och nach eng Partie Haiser eidel, wou eng ganz Cité sech no an no liberéiert. Des weidere ginn et ronn 30 Wunnengen, déi fir d'Realisatioun vu gréissere Wunnprojeten eidel stinn, wou d'Prozeduren lafen. Esou sollen zum Beispill Wunnprojeten zu Colmer-Bierg an zu Beetebuerg vum Fonds du Logement realiséiert ginn"*. Wéi presentéiert sech den aktuelle Stand vun deene jeeweils genannte Projeten?**

<u>Betreffend de Projet "Poutty Stein" zu Colmar-Bierg</u>

D'Konventioun fir e Mandat tëscht dem Fonds du Logement an dem Staat ass amgaangen finaliséiert ze ginn. Soubal dës Konventioun ofgeschloss ass, kann de Fonds du Logement mat de Virstudie fir dëst neit Lotissement ufänken.

<u>Betreffend de Projet "route de Mondorf" zu Beetebuerg</u>

Vir dëse Projet si Studien amgaangen an déi viraussichtlech Fäerdegstellung ass fir 2030 geplangt.

<u>Betreffend d'Cité de l'aéroport</u>

D'Prozedur fir eng Reaffektatioun vun der Cité de l'aéroport ass am gaangen. D'Ausschreiwung fir dës Gebaier no den haitege Standarden ofzebauen ass och scho lancéiert.

Lëtzebuerg, den 21. August 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth